



N°6977
Entrée le 10.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet, Wirtschaft & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Verschiede Leit setzen op homeopathesch Mëttel, well si der Iwwerzeegung sinn, dass dës Mëttel verschidde Krankheete virbeugen oder heelen. A verschiddene Fäll zéihen dës Mënschen homeopathesch Mëttel hierkëmmleche Medikamenter vir, woubäi déi tatsächlech Wierkung vun homeopathesche Mëttel wëssenschaftlech oft staark ëmstridden ass.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Iwwerhëlt d'CNS aktuell Traitementer mat homeopathesche Mëttel?
Falls jo, wéi eng Traitementer sinn dat, zënter wéini ginn dës rembourséiert a soll dës Reegelung an Zukunft bäibehale ginn?
2. Däerfen Epicerien a Supermarchéen homeopathesch Mëttel verkafen?
Falls jo, wéi a vu wem ginn dës Mëttel kontrolléiert?
3. Däerfen Apdikte Preparater verkafen, déi bei de Leit eng Wierkung virtäuschen, ouni awer eng solch ze hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten



www.piraten.lu